

# Rapport vun eiser Réunioun vum 27 Februar 2018

Présences: Jorge De Sousa, Simone Frank, Alexandra Intini, Sabine Luxen, Claude Kontz, Astrid Kontz-Krause, Eliane Krierscholer, Isabel Dos Santos, Ana Marques, Eliane Barthel

Présence exceptionnelle: Mme Fratini

Absences: Jacques Cédric an Linda Chrétien

## Rapport vum Conseil d'éducation (Sabine a Simone)

- ✚ Ab dem Hierscht get déi nei Sektoun: d'A3D op dem Technique ugebueden. Dës Klass spillt eng wichteg Roll, wat déi erneierbar Energien ugeet. Z.Bsp. huet d'Mme Wilmes vun 3e bis 1re eng Sektoun virgesinn, déi Handys opluedt.
- ✚ Eng Hausaufgabenhëllef ass 2-3 x Woch op den 7e an 6e classique an technique Klassen virgesinn an zwar bis 18 Auer.
- ✚ Dest Joer sinn d'Portes ouvertes während 2 Deeg: de 4 an 5ten Mee: Freides vun 16 bis 19 Auer  
Samsdes vun 9 bis 13 Auer
  
- ✚ D'Foire de l'éducation war e Succès. Verschidden Sociétésiten a Betribber waren do vertrueden wéi z.B. d'Armée, d'CFL, de Kichechef, d'ADEM, d'Jugendhaus asw.  
Si huet vun 16 bis 17.30 Auer gedauert.  
Et wier flott gewierscht wann et mei laang gangen wier fir dass och méi Elteren kéinten dovun profitéieren fir sech ze informéieren.

## **Rapport vun der Commission de sécurité (Jorge a Claude)**

- ✚ De Claude huet haaptsächlech op Problemer bei der Übung bei Feieralarm higewiesen.
- ✚ Problem fir d'Kanner an den Haff ze kréien
- ✚ Wichtige Problem: verschidden Dieren ginn net op
  
- ✚ Rappel: sech mat de Proffen ofschwätzen dat keen Test op deem Dag därf geluegt ginn
- ✚ Filmer kucken déi Exercicer ubelaangen déi bei engem Noutfall kéinten wichteg ginn

## **Wéi steet et mat der Eischer Hëllef?**

- ✚ De Projet REAGIS: Réanimatiounsexercicer op 6e, 4e an 2e sinn geplangt.
  
- ✚ 16 Leit waren am éischten Hëllefscours
- ✚ An Zukunft sinn 8x2 Stonnen Cours virgesinn.

## **Virtrag vun der Madame Fratini**

- ✚ Si stellt nach eng Kéier kuurz de Projet JOSY HELPS vir, den sech a 4 verschidden Sparten opdeelt.
  - 1) nachhaltige Entwicklung
  - 2) humanitäre Hilfe
  - 3) Respekt der Demokratie und der Menschenrechte
  - 4) Integration benachteiligter Gruppen (von EDIFF-Klassen, Flüchtlingen usw.
  
- ✚ 3 Joer sinn virgesinn vir den Objectif komplett ze realiséieren (2017-2020)
  - Jahr 1: Kick-Off-Workshops
  - Jahr 2: Tables rondes
    - Debattiergruppen
  - Jahr 3: Organisation von nachhaltigen Events
    - Dauerhafte Verankerung der ausgefeilten Projekte in der Schulgemeinschaft

- ✚ Déi humanitär Hellet léit der Mme Fratini besonnesch um Häerz, genausou ewéi d'Intégratioun vun benodeelegten Gruppen.
- ✚ An därer Hinsicht erwähnt sie de Projet vum Tanja Simon op der 4e PS dat e Projet ausgeschafft huet fir zu Stengefort eeler Leit mat Flüchtlingen aus dem fréieren Centre de logopédie zesummen ze bréngen.
- ✚ E wichtegen Aspekt ass ebenfals de Schüler Limiten ze fixéieren. D'Roll vum Klasespriecher soll ebenfals sinn fir dem Cybermobbing entgéint ze wierken. Dobai spillt Bee secure eng wichteg Roll.
- ✚ En Tutorat vu Schüler fir Schüler ass ebenfals virgesinn.
- ✚ Si seet dat d'Haaptziel vum Josy helps ass eng echt ONG unzestriewen, déi autonom fonctionnéieren kann.
- ✚ Ab 5e ass e Certificat fir Schüler déi humanitär Hëllef leeschten méiglech.
- ✚ Den 27. März sinn Workshops vun Handicap International virgesinn. Jiddereen ass wëllkomm drun deelzehuelen.
- ✚ Wat d'Mülltrennung ubelaangt, besteet Nohuelbedarf
- ✚ Desweideren behaupt d'Mme Fratini dat d'Ouschterbotz u sech eng gudd Sach ass: d'Schüler sinn frou wann se vill Dreck asammelen. D'Ziel dat ugestriewt get: d'Schüler sensibiliséieren manner Dreck ze maachen.
- ✚ An eng gudd Richtung geet de Gaart vun de Modularschüler, si sinn immens houffreg op hir Récolte, déi am Nu un d'Proffen verkaaf gouf. Mam Geld dovunner ass de Schüler hiren Ausfluch méi bëlleg ginn.
- ✚ Ausserdem huet d'Mme Fratini matgedeelt, dat neierdings d'Rollendefinitioun vun den Délégués de classe an engem Portfolio festgeluegt get.
- ✚ Mir hunn der Mme Fratini villmools Merci fir hir Explikatiounen an hiren Asatz gesot.

## **Aneren Sujet: d'Portes ouvertes**

- ✚ Mir kucken datt mir Freides aner Sachen verkaafen wéi Samschdes, well Freides wäert Kaffi an Kuch net sou groussen Undrang fannne wéi Samschdes Moies. Vielleicht Rieslingspaschtéit fir Freides ? Jiddereen soll drundenken säin T-shirt unzedoen.

## **Betrefft: d'Classes de neige**

- ✚ En Idie koum vum Jorge op datt een vielleicht kéint iwwerleehen d'office en Infirmier/ère op Hinterglemm matzehuelen fir de Fall wou een oder méi Kanner krank ginn.

D'Versammlung war um 21 Auer eriwwer.

Déi nächst Réunioun ass den 29.März um 19 Auer virgesinn.